

Samschdeg, 22. August 2020



Gedanke fir den Dag

Haut vum Stéphanie Kasel. Villmols Merci ☺

E beléiftent Kannerspill heescht "Suche den Fehler". Déi zwee Biller hei uewendriwwer ënnerscheet ee Feeler, an deem wéi d'Däppercher um Spillfeld stinn. Wee fënnt en?

An zwar ass de Feeler am zweete Feld riets uewen. Do stinn zwou Figuren a platz eng. Eigentlech sollt fir d'Spill ze spillen an all Feld eng Figur stoen. An da kann een et no de Spillregelen, déi virgesi sinn flott spillen.

Lo ass et awer sou, dass eise Jéngsten vun 3 Joer, dat iergendwéi nach net richtig versteet. Dann huet ee grad mol zwou Méiglechkeeten: 1. entweder ëmmer rëm erklären an d'Nerven lues a lues dobäi verléieren, oder 2. sech op dem Kand seng Spillregelen aloossen (déi meeschtens guer keng sinn). Ech hu mech fir déi 2. Méiglechkeet entscheet, a mol ganz éierlech, mir hu meeschtens immens Spaass sou ze spillen, bal méi wéi wa mir no den eigentleche Reegele spillen.

Firwat schreiwen ech dovunner? Ma ganz einfach: eist Liewen leeft meeschtens no verschiddene Reegelen a Gewunnechten of. Sou wéi am Spill. Dat ass och gutt esou. Mee wéi ass et, wa mir an deem engen oder aneren mol eng Kéier eis Gewunnechten änneren? Kann dat eng Beräicherung ginn? Gëtt dat eng nei Erausforderung, déi eis wa méiglech weiderbréngt?

Dat selwecht gëllt fir eise Glawen an eis Kierch. Och hei lount et sech mol dat eent oder anert auszeprobéieren, vläicht eng nei Spiritualitéit kenneléieren, mol eng nei Gebietsart ausprobéieren. Dat musse net ëmmer riesegrouss Ännerunge sinn. Mee kleng Schrëtt aus dem "Dat war schonn ëmmer sou!" eraus. War de Jesus dach een, deen mat sengem Liewen sou vill verännert huet. Soss géife mir haut jo kaum nach vun him schwätzen...

Fürbitten:

- Hei as Plaz fir déi perséinlech Uleies....

Gebied: Vater Unser

<https://www.youtube.com/watch?v=X7uBkTcx3Jg>

Schlussgebiet:



Foto: P. Hans Eidenberger SM

Wenn wir Gott Raum geben
schlagen Herzen einen anderen Takt
heilen Trostworte unsere Wunden
werden unsere blinden Flecken erhellt
und unsere Dunkelheit erleuchtet.

Wenn wir Gott Raum geben
werden unsere Ketten gesprengt
beginnen die müden Füße zu tanzen
löst die Zunge sich zum Jubel
und Heilsworte dringen
in taube Ohren.

Wenn wir Gott Raum geben
schmelzen Eisberge zu Quellen
beginnen unsere Wüsten zu blühen
werden Steine zu Brot
und Frieden ist mehr als eine Vision.

Wenn wir Gott Raum geben
erfüllt der Himmel die Erde.

Ingrid Penner